LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n° 2920 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen zum CO2-Verbrauch vum Fuerpark vun der Regierung.

**Wéi eng Auswierkungen huet d'Etüd op d'Zuele betreffend dem CO2-Verbrauch vum Fuerpark vun der Regierung?**

D'Plug-In-Hybrid Autoe si prinzipiell ëmmer, wann et méiglech ass, u Luedstatiounen ugeschloss. Generell ginn d'Trajeten an der Stad a ronderëm, esouwäit dat dann méiglech ass, reng elektresch gefuer.

**Wat ass den CO2 Ausstouss vum Fuerpark nom WLTP Zyklus?**

Den Ausstouss vum Fuerpark nom WLTP-Zyklus ass 34.07 g/km.

**Wat ass den CO2-Ausstouss, wann een d'Berechnungen esou mécht, dass d'Hybride just wärend 26% am Elektro-Modus fueren?**

Am Fall vun esou enger hypothetescher Berechnung géif den CO2-Ausstouss sech warscheinlech op 147.41g/km belafen.

Lëtzebuerg, den 24. Oktober 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes